Begréissen :

D'Gemengeconseilleren d'Hären Claude Radoux, DP, Marc Angel an Armand Drews, LSAP, denChristophe Schiltz, Präsident vun de Stater Sozialisten, denSerge Wilmes, Sekretär vun der CSV-Stad, de Max Stoffel vun der DP Stad, den Här Paschtouer Romain Kroeger, Mme Marianne Wahl, Präsidentin vum Hollerecher Interesseveräin, déi den Owend och als Comitésmember d'Usill vertrëtt, d'Hären Paul Mousel, André Polfer a Jean-Marc Fisch, Éierepresident, Präsident a Sekretär vum Zéissenger Interesseveräin, d'Vertrieder vu de Gaasperecher Veräiner.

Entschëllegt si : d'Dammen Martine Mergen, Isabelle Wiseler an Claudine Konsbrück vun der CSV, den Här Ben Fayot vu der LSAP, den Här Paul Reeff Président vun der Usill, den Daniel Reding, Member vum Verwaltungsrot vum IVG, den Här Jean-Marie Mossong vum FC Tricolore.

Villmools Merci datt Dir haut den Owend bei eis komm sidd.

Dir Dammen an Dir Hären!

Ech entschëllege d'Jacquie Lakaff, d'Sekretärin vum Interesseveräin déi den Owend net kann selwer hei si, mee déi de Rapport, deen ech elo virliesen geschriwwen huet.

De Comité huet sech d'lescht Joer no der Generalversammlung nei forméiert. Duerno si mir 7 mol zesumme komm fir iwwert déi verschidde Dossieren ze schwätzen.

Wéi mir beim Schäfferot ware fir iwwert eis Reklamatioun vum 1ten PAP am Ban de Gasperich ze schwätzen, ech kommen nach herno dorop zréck, hu mir dovun profitéiert fir ze froen dat si mol rëm eng Kéier sollten an de Quartier kommen. Den Rondgang huet den 1.10. stattfonnt.

Mir ware zu Zéisseng vertrueden ewéi iwwert de Tëschebilan vum Koalitiounsvertrag geschwat ginn ass. Wéi mir 2009 an sou enger Reunioun ware, waren och d'Promoteure vum Ban de Gasperich am Sall a do konnten si sech iwwerzeegen wéi mir ofgefäerdegt gi si. Si hunn eis dorops hin kontaktéiert an mir musse soen, datt mir elo schon e puer ganz konstruktiv Sëtzungen mat hinnen haten. Si wëllen urbaniséieren mir wëllen dat Bescht fir de Quartier erauszéien, ma da muss een mateneen schwätzen, soss geet dat net.

Mir krute Invitatiounen vun der Gemeng fir op d'Koordinatiounsversammlung vun der Hall Omnisports, fir op d'Presentatioun vum Info-Bus an fir op der Ouverture vun dem Stater a Garer Chrëschtmaart deelzehuelen.

Mir haten eng Reunioun bei den CFL wéinst der neier Eisebunnsbréck a wéinst der Bréck am Millewee. Mir haten eng Reunioun mat der Representatioun "des parents d'élèves" vun der Ecole Fondamentale vu Gaasperech.

Mir waren am Juni 2010 an der Generalversammlung vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden.

Nodeems datt den 26. November 2008 de leschte Comité de prévention élargi stattfonnt huet, huet d'Gemeng d'lescht Joer rëm e neie Ulaf geholl a esou ass den 4. Mäerz an den 23. November dëse Comité erëm eng Kéier zesumme komm. Ech kommen herno nach eng Kéier hei erop zréck.

Mir ware vertruede op der Informatiounsversammlung vun der DP zou Zéisseng. An och zu Zéisseng hate mir eng Entrevue mat der CSV an mat dem Zéissenger Interesseveräin.

Mir ware an de Generalversammlungen vun dem Hollerecher- an dem Zéissenger Interesseveräin. Mir waren och dobäi wéi de Schäfferot op Hollerech komm ass fir hire Bilan virzestellen.

Mir ware op e puer Reuniounen a Virträg am « Haus vun der Natur » op der Kockelscheier, wéi z.B. bei der Presentatioun vun hirer gemeinsamer Identitéit, d'Hëllef fir d'Natur, Natura, Lëtzebuerger Natur a Vulleschutzliga an d'Haus vun der Natur nennen sech elo Natur & Emwelt, wéi all Joer sinn och Vertrieder vun eis um Fest vun der Natur. Mir ware d'lescht Joer präsent wéi d'Gemeng mat dem Ëmweltministère de Plan vert an de plan sectoriel "paysages" virgestallt hunn.

Mir ware an der Preparatiounsversammlung vum Chrëschtmaart esou wéi an där wou de Bilan gemaach ginn ass. Mir hunn den 4. Dezember d'lescht Joer um Chrëschtmaart matgemaach wou mir eis ëm de Verkaf vun der Tombola gekëmmert hu, 1250.- € konnte mir domat erabréngen. Mir ware präsent wéi d'Frënn vu de Gaasperecher Scouten mat den anere Veräiner den Erléis vum Chrëschtmaart 2009 iwwerreecht hunn.

Wéi déi Joeren virdrun, hate mir den Dag vun der Commémoration nationale organiséiert. No der Mass ass beim Monument eng Gerbe vun de Veräiner néiergeluecht ginn. Vun hei aus soen ech de Chantres de Ste Thérèse villmools Merci fir datt si d'Heemecht beim Monument gesongen hunn. Duerno war eng kleng Receptioun hei am Sall a do geet en häerzleche Merci un Scoute vu Gaasperech datt si sech ëm den Service gekëmmert hunn.

Mir ware bei deene Veräiner vertrueden, déi eis eng Invitatioun op hir Generalversammlung geschéckt hunn. Leider ass et awer esou dat net ëmmer opgepasst gëtt an de Kalenner net respektéiert gëtt, sou datt e puer Versammlungen openee falen a mir net iwwerall kënne sinn. Mir ware präsent bei den Feierlechkeeten, déi am Kader vum 50-Järegen Bestoen vun der Gaasperecher Musek stattfonnt hu. Mir probéiere esou gutt wéi et geet bei d'Veräiner ze goen, wann si eppes organiséieren.

Mir haten eng Ufro kritt vun der Maison des Jeunes vu Gaasperech fir op hirem Quartiersfest matzemaachen. Aus logistesche Grënn war dat fir eis awer net méiglech. Duerfir hu mir décidéiert fir hinnen e finanziellen Appui ze ginn.

Wéi dir op eiser Invitatioun schonns gesinn hutt si mir säit dem 15. Oktober d'lescht Joer um Internet ze fannen. Dir fannt op dëse Säiten ënnerenanerem Informatiounen iwwert déi verschidden Dossieren an eng flott Fotosgalerie. Mir versiche sou vill wéi méiglech eis Säiten ze aktualiséieren an iech esou ze forméieren. Mir proposéieren de Veräiner och fir hir Manifestatioun op eise Site ze setzen halen eis awer vir, fir drop ze setze, wat mir wëllen a kënnen a wat prioritär ass. Wann dir Froen zu dësem Site hutt, fannt dir eng Rubrik drop fir eis ze kontaktéieren. Leider kënne mir awer keng Garantie ginn fir déi verschidden Informatiounen, mir kënnen nëmmen dat gleewen wat mir vun den Autoritéiten gesot kréie, mä déi changéiere jo och hir Meenung heiansdo an dat wat gëschter gesot ginn ass, stëmmt haut net méi. Dir kënnt eis gleewen mir hunn entretemps Erfahrung do dran.

Mir hunn am Comité décidéiert fir eise Logo ze änneren. Mir halen de Päiperlek bäi, mä dir gesitt elo op eiser Entête och eng Foto vu der Villa Simonis, déi spéider Villa Decker genannt ginn ass, aus dem Millewee. 1891 hunn d'Schwësteren vun der Doctrine Chrétienne an deem Gebai eng Haushaltungsschoul opgemaach. Virdrun war eng Molkereischoul, déi vun enger belscher Damm, d'Joffer Carlier bedriwwe ginn ass, dran. Leider ass dës Villa Enn 1944 duerch d'Bombardementer zerstéiert ginn an net méi opgebaut ginn.

Dann hu mir eis op d'Plattform vum LW mywort.lu ageschriwwen. Mir waren do kontaktéiert ginn a mir hunn d'Lëscht mat de Gaasperecher Veräiner weiderginn. Entweder si dir schon doropshi kontaktéiert ginn oder et kënnt nach. Mir wëllen och do deenen Responsabelenvun de Veräiner weiderhëllefen, déi net um Internet täteg sinn an deem datt mir hir Manifestatiounen oder Reportage op mywort.lu publizéieren. Duerzou wëll ech nach soen, datt et fir verschidde Veräiner batter noutwenneg ass, datt Nowuess dobäikënnt. Do hu mir z.b. elo vun der Geleeënheet profitéiert, fir op mywort.lu en Opruff ze maachen fir Sänger a Sängerinnen ze sichen, déi an der Chorale Freihét (Fräiheet) mathëllefen kënnen.

Den 13. November hate mir e Cabaretsowend mat de Schanzer Cabarotiker organiséiert. An dat war e volle Succès : ech mengen dem Echo no huet et dem Gros vun de Leit gutt gefall an de Grupp op der Bühn war och voll begeeschtert a kéim rëm gär bei eis zréck.

En häerzleche Merci vun hei aus dem Liliane an de Nico Valentiny vun der Firma Joleka aus der Gaasperecherstrooss, der Tankstell Q8 op der Escherstrooss, der Dachdeckerfirma Jean Goerens aus der Gaasperecherstrooss, der Agence immobilière Abri&Co aus der Franklinstrooss, dem Garage Thewes vu Leideleng an dem Här Raymond Niesen vun der Firma Copytrend vun der Hollerecherplaz, déi eis finanziell ënnert d'Äerm gegraff hunn. E grousse Merci och all deene Geschäftsleit aus dem Quartier an aus der Industriezone esou wéi den Awunner vum Quartier, déi eis gehollef hunn eng flott Tombola ze organiséiere. E grousse Merci awer och un d'Leit aus dem Comité so wéi un déi, déi eis ëmmer eng Hand mat upacken, merci Louise, Hilde a René. E ganz spezielle Merci awer och dem Sylvestris Pol a de Leit aus dem Dëschtennis, déi fir e féxsen Service am Sall gesuergt hunn.

Da si mir am Gespréich mat den Makadammen, si kommen dann fir d'drëtt op Gaasperech. Dir kënnt iech schonns elo den Datum vum 12. November opschreiwen, wou si eis hiren neien Programm, deen am Oktober erauskënnt virféieren. Maacht iech sou fréi wéi méiglech bäi, well et si schonns Dëscher reservéiert.

Mir sinn och am gaang fir e Concert ze organiséieren, Detailer dovunner leien awer net vir.

Dann zum Detail vun eise verschiddene Korrespondenzen :

De 26 Juli 2006 si mir vun der Mme Viviane Loschetter an hiren Servicer informéiert ginn dat d'Spillplaz op der Place Sauerwiss net méi de Norme géif entspriechen an duerfir géif si ofgeschaf ginn. De Service des Parcs sollt e Projet ausschaffen an dee Projet sollt dem Syndicat viru senger Realisatioun presentéiert ginn. Den 11. Januar 2008 an enger Reunioun mat de selwechte Leit si mir dunn informéiert ginn, datt d'Réaménagement vun der Place Sauerwiss géif reportéiert ginn. Mat Erstaunen hu mir dunn festgestallt, wéi an der Zeitung vum 16.5.2009 den avis d'adjudication fir eng Soumissioun vun den Reaménagementsaarbechten vun der Place Sauerwiss stoung. Well mir jo net doriwwer informéiert gi sinn, wéi dat ofgemaach war, hate mir un d'Gemeng geschriwwen a mir kruten als Äntwert, datt keng Ännerung zum initialen Plang géif bestoen, wat awer elo do virgesin ass : keng Ahnung, just datt Madame Loschetter eis gesot huet, si hätten Nofro fir nach en 2. Bouleterrain ze maachen an dee géif dann op d'Place Sauerwiss komme. Mir hunn doropshi am Abrëll d'lescht Joer e Rappel gemaach a gefrot fir op der Plaz e Musekkiosk ze maachen, leider hu mir awer bis haut nach keng Äntwert kritt.

Mir haten am Januar 2008 bei der Gemeng nogefrot, wat op der Escherstrooss Eck Gaasperecherstrooss geschitt. Mir kruten eng Äntwert, dat de Buergermeeschter eng Baugenehmegung eraus ginn huet fir e Bürosgebai ze bauen : 8800 m$^2$ mat ongeféier 70 Parkplazen. Bis haut ass awer den Avis nach net um Chantier public gemaach ginn. An der Zeitung vum 1. Februar 2011 deelt d'Gemeng elo mat, dass eng Demande fir eng Autorisation d'exploitation géif virleien. Vum 2. Februar un a während 14 Deeg hänkt den Avis an der Gemeng an bannen där Zäit kann een eng Reklamatioun eraginn.

Dann hate mir 2008 gefrot, datt de Stroossebelag vun der rue Lamort erneiert soll ginn. Mir krute geäntwert, dass de Belag wierklech schlecht wär an dat déi Aarbechten am Kader vun dem Reaménagement vun dem Rescht vum Quartier Giorgetti géifen gemaach ginn. Et handelt sech do ëm d'rue Pensis, Chevalier, Mathias Birthon a Jacques Lamort. D'Aarbechte sollten 2010 ugoe. Mir hunn erëm e Rappel gemaach, hun dem Schäfferot de Problem och sur Place gewisen a kruten elo als Äntwert, datt rue Lamort géif am Fréijoer nei gemaach ginn, déi aner Stroossen hätten nach e puer Joer Zäit. Wéi mer awer vun engem Awunner aus der Pensisstrooss héieren hunn, géifen Trottoiren awer elo gefléckt ginn.

Wéi schonns gesot, hate mir eng Entrevue op der Eisebunn gefrot. Mir kruten déi néideg Informatiounen wat déi al an déi nei Bréck ubelaangt. Déi jëtzeg Eisebunnsbréck ass ëm 1900 gebaut ginn a muss ersat ginn. Am Oktober 2010 ass si jo déplacéiert ginn. Vun dësen Aarbechten fann dir flott Fotoen op eisem Internetsite. Déi nei Bréck kritt eng Spannwäit vun 120m, eng Gesamthéicht vun 32m a si gëtt 18m breet, d.h. et ginn 2 Couloiren fir d'Autoen, 2 fir d'Velosen an 2 Trottoiren vun 2 m. Den Tracé gëtt no Westen déplacéiert an dat fir an engem spéideren Zäitraum d'Strooss un den geplangten bd de Hollerich unzeschléissen. An enger éischter Phase geet de Verkéier nach duerch rue d'Alsace.

Dës Bréck gëtt vun der Eisebunn finanzéiert a realiséiert awer d'Gemeng gëtt herno Proprietaire dovun. Wann d'Constructioun am Summer fäerdeg ass, gëtt den Accès fir an d'rue d'Alsace ewech geholl an en neie Accès gebaut. Dës Aarbechte sinn an der leschter Woch am August an an den 2 éischten Wochen September virgesinn. Während där Zäit gëtt den Autosverkéier Richtung Hollerech geleet an d'Foussgänger duerch de Millewee. Vum 15. September un soll de Verkéier iwwert déi nei Bréck goen. Bedéngt duerch verschidden Montageaarbechten, muss während der Nuecht geschafft ginn an dat elo am Februar, am Abrëll/Mee an am Juli. Et kënnen awer eventuell nach weider Nuetsaarbechten ufalen. De Chantier soll Enn 2011 definitiv ofgeschloss sinn. Mir haten d'Eisebunn op eis Generalversammlung agelueden fir iech déi néideg Detailer ze ginn, mä leider hunn si eis Invitatioun net ugeholl.

Mir hunn e Courrier un d'Gemeng geschriwwen, datt wann op deem Chantier d'Stroossen zougemaach ginn, wéi dat elo den 22. Oktober war, da solle si w.e.g. eng Woch am Viraus schon mat Panneauen dorop opmierksam maachen, fir datt net nach eng Kéier sou e Chaos entsteet wéi op deem Freideg, wou d'Leit déi iwwert de Wee wollten op Gare fueren, d'Kéier hu misse maachen. Och op dee Bréif hu mir keng Äntwert kritt mir hoffen awer dat mir net op daf Oueren gestouss si.

Mir kruten ebenfalls Informatiounen iwwert d'Bréck am Millewee, déi an engem schlechten Zoustand ass, och si soll deemnächst ersat ginn a si soll aus 2 Couloiren fir d'Autoen an 2 Trottoiren, déi och vun de Vëloen kënnen benotzt ginn bestoen. Während dem Chantier soll den Trafic normal fonctionnéieren. Just wann déi al Bréck ofgerappt gëtt, hätt deen Deel während 24 Stonnen keen Accès. Et lafen awer Pourparleren fir datt den Notdéngscht garantéiert bleift.

En Awunner huet eis iwwert säin Affekot matdeelen gelooss, datt an der rue d'Ethe e grousse Bauprojet mat 5 Etagen an 2 Souterrainen fir Autoen, déi iwwert en Monte-charge desservéiert solle ginn, geplangt ass. Dëse Projet ass vun senger ganzer Envergure sou wéi vun der Sécherheet fir d'Leit a vun de jëtzege Gebaier hier net appropriéiert. Anscheinend ass et awer elo esou, datt d'Bautepolizei refuséiert huet fir de Monte-charge ze autoriséieren, sou datt eng nei Baugenehmegung muss ugefrot ginn. Also ass dat hei eng Affaire à suivre..

Mir hunn och gefrot fir iwwert de Bau vun engem neien Immeuble an der Plantinstrooss informéiert ze ginn. Mir kruten als Äntwert, datt soubal wann den Dossier prett wier, géife mir informéiert ginn.

Mir haten duerch Rumeuren héieren, datt dat Gebai wat am Bau ass op der Nr. 15 am Leemerwee, wou de Buergermeeschter eng Baugenehmegung eraus ginn hat fir e Foyer Alzeimer ze bauen, eng aner Destinatioun kritt. Bei dem Tour duerch de Quartier hu mir dunn de Schäfferot gefrot wat dat op sech hätt. Natierlech konnte si eis näischt soen. Mir hunn dorop e Bréif un d'Gemeng an och un de Fonds du Logement geschriwwen a gefrot, mir hätte jo matgedeelt kritt, datt eng Baugenehmegung eraus wier a wat dann lo un der Rumeur dru wier. Vum Fonds de Logement hu mir bis haut nach keng Äntwert kritt a vun der Gemeng hu mir eng Copie vun engem Bréif kritt, wou si dem Architektebüro, deen am Juni 2010 eng Modifikatioun vun der Baugenehmegung gefrot hat fir en Jongenheem ze bauen, eng negativ Äntwert ginn an dat eng Ännerung nëmme kann iwwert eng Ofännerung vum PAP gemaach ginn. D'Baugenehmegung muss also exekutéiert ginn, wéi virgesinn oder de Chantier gëtt zougemaach. Och dat ass eng Affaire à suivre…

Mir sollen en neie Foyer scolaire kréien. Mir haten eng Versammlung mat der Représentation des parents d'élèves vun der Schoul, déi eis hir Suergen ausgesprach hunn. Mir hunn si ënnerstëtzt bei der Gemeng an och an engem Courrier, wou mir drop opmierksam gemaach hunn, datt de Foyer, deen soll gebaut ginn, elo schonns ze kleng wier. Engersäits kréie mir geschriwwen, um Ban de Gasperech kommen keng Familljen mat Kanner hin an et si keng Schoul- an Sportinfrastrukturen virgesi, anerersäits hu mir awer vun eisem Buergermeeschter an der Quartiersréunioun gesot kritt, datt Schoulen um Ban de Gasperich virgesi wieren, wat elo stëmmt, keng Ahnung. Op eise Courrier hin, wou mir froen, fir datt de Projet nach eng Kéier soll nogekuckt gi, krute mir eng Äntwert et wär eng Baugenehmegung eraus a mir kënne bannen 3 Méint iwwert d'Verwaltungsgeriicht reklaméieren. Mä, dat war jo nët eis Fro..

Dann zum Ban de Gasperich. An der Chamber sinn entretemps de Bau vun deenen 2 Stroossen, den bd Cloche d'Or an d'Verbreedung vum Bd Raiffeisen votéiert ginn an d'Aarbechte sollen elo nom Congé collectif am August ugoen. An eiser Versammlung beim Buergermeeschter wéi et ëm Fixerstuff gaangen ass, krute mir gesot, datt de Verkéier deen sech ergëtt aus dem Centre de secours an aus den neie Lycéeën net géif duerch de Quartier goen, mä datt en direkt op d'Autobunn oder den zukünftegen bd Urbain géif goen; dat hate mir och vun den staatlechen Instanzen confirméiert kritt. Elo ass dat rëm net méi wouer, well wéi mir beim Schäfferot ware fir iwwert den PAP Grossfeld ze schwätzen, krute mir genau de Géigendeel erzielt, de Verkéier geet iwwert de neie Boulevard. Mir hate gemengt, datt deen Deel vun der Raiffeisenstrooss op de Rond-point Gluck net néideg wier. Käschtepunkt vum neie Bd: 70,295 Milliounen Euros dovunner bezilt d'Gemeng 11 Milliounen + herno all Joer 403.000.- Euro Entretien. E schéine Kaddo méi, brauch een hei net ze soen.

Et sinn och schon 2 „Plans d'aménagements particuliers Grossfeld" vum Inneministère approuvéiert ginn, deen een deen iwwert d'Surfacen vun dem Deel Raiffeisestrooss hin zur Verlängerung vun der Hogenbergstrooss geet, an deen aneren betrëfft déi Parzellen zwëschen dem bd Raiffeisen an der Verlängerung vun der rue Emile Bian. Bei dësem PAP hu mir keng Reklamatioun eragereecht, bleiwt do ze soen, datt de Phasage geännert ginn ass par Rapport wat 2005 votéiert gi war, dat heescht d'Aarbechten ob dem Deel ginn no vir verluecht a wat de Verkéier ubelaangt hu mir jo schonns an dem aneren PAP reklaméiert.

Wat awer den PAP Grossfeld fir déi Surfacen dem Deel Raiffeisenstrooss hin zur Verlängerung vun der Hogenbergstrooss ugeet, hate mir eng Reklamatioun eragerecht an zwar huet déi Reklamatioun folgend Punkten betraff : den IVL, deen nach ëmmer keng gesetzlech Basis huet, d'Buedemversigelung, d'Gläichgewiicht tëschent den Awunner an den Aarbechtsplazen, déi ëffentlech Gréngflächen, Cessiounen vun den Terrainen, d'Parkingen, d'Parkplazen esou wéi den Trafic deen den neien Auchan mat sech bréngt, déi vill nei Projeten, déi um Territoire vun der Stad an ëm d'Stad geplangt sinn, de Verloscht vun eiser Liewensqualitéit, déi schonn hei zu Gaasperech op der Limit läit, déi eventuell Präsenz vu réimeschen Iwwerreschter, sou wéi d'Gefor dass nach vum 2. Weltkrich eventuell net explodéiert Bommen op deenen Terrainen leien. Den 16. Juli 2010 huet dunn de Gemengerot dëse PAP definitiv ugeholl nodeems, datt mir gehéiert gi sinn a wou mir awer, wéi kann et och anescht si, gesot kruten, datt eis Bedenken net sënnvoll wären. Wann ee bedenkt, datt den Auchan eleng 15.000 Mouvementer den Dag mat sech bréngt, datt e Parkhaus gebaut gëtt, dat méi grouss ass wéi den P & R Bouillon an datt ongeféier 6500 Emplacementer virgesi sinn, dann weess ee jo wat op eis zou kënnt.

Mir hunn an eiser Reklamatioun och drop opmierksam gemaach, datt an der Etude CIMA déi d'Gemeng 2010 maache gelooss huet, d'Experten sech ganz kritesch vis-à-vis vum Auchan ausgeschwat hunn. Si hunn eis och confirméiert, datt et fir eis Geschäfter hei am Quartier wäert schwiereg ginn. Ausserdeem ass d'Implantatioun vum Auchan hei zu Gaasperech net compatibel mat de Critèren vum IVL, well keen anstännegen Uschloss un den ëffentlech Transport ugebueden gëtt. Ausserdeem wann ee vun neien Aarbechtsplaze schwätzt riskéiert een déi op enger anerer Plaz ewechzehuelen.

Wat eis nach um Mo läit a wat en Thema wäert ginn an nächster Zäit, dat ass d'Verlängerung vun der Hogenbergstrooss, déi jo en boulevard extérieur soll ginn : d.h. si kënnt jo aus der Industriezone a soll an der Déportatiounsstrooss erauskommen, fir da spéider iwwert déi nei Eisebunnsbréck op den neie boulevard de Hollerich gefouert ze ginn.

Mir warden och nach ëmmer drop datt mir de neien Park virgestallt solle kréie, de gréisste Park aus der Stat wou Déierenasyl, den Hondsterrain a d'Gärt draleien an dobai ass deen Zéissengerpark, dem Dépliants'en no vun der VdL, elo schons méih grouss.

All dat hu mir an eiser Reklamatioun un den Inneminister eraginn a do krute mir als Äntwert : mir kréie Recht, datt den IVL keng gesetzlech Basis huet, mä d'Gemeng kann am Kader vun hiren festgehalene Linnen, d'Developpement vun der Stad definéieren a cadréieren. Och eis Reklamatioun fir datt de Grüngürtel vun der Stad erhale soll bleiwen sou wéi dat am Conseil de Gouvernement an den 80er Joren festgehale gi war, gëtt ecartéiert mat der Remarque, datt de Prinzip vun der Bebauung vun deenen Terrainen schon am Reklassement vum PAG festgehale gi wier. Ma bei der Reklamatioun vum Reklassement vum PAG hate mir déi selwecht Remarque gemaach, mä mir krute keng Äntwert drop.

Wat eis Remarquen ubelaangt iwwert d'Iwwerschwemmungsgebitt esou wéi op de Grondwaasserspigel, krute mir geschriwwen, datt déi Problemer musse geléist ginn bei der Exekutioun vum Projet. An dann herno : Bonjour les dégâts ! De Minister gesäit och an, datt e neie Projet vill Trafic mat sech bréngt, mä de Projet Ban de Gasperich huet Potenzial vun engem Modalsplit 40/60. Wat d'Sozialwunnechten ugeet muss de Promoteur mat der Gemeng eng Konventioun maachen. Och do stinn nach Froen op. De Fait, datt eventuell historesch Iwwerreschter kënnten op dësen Terrainen ze fanne sinn, ass dem Promoteur matgedeelt ginn an de Musée ass schon während Méint am gaangen fir Schürfungen ze maachen. Déi Aarbechten sollen am Summer ofgeschloss sinn a wéi mir an der Zeitung gesinn hunn, sinn si och schon fündeg ginn. Weider Detailer vun eiser Reklamatioun fann dir op eisem Internetsite.

Am Abrëll d'lescht Joer hate mir nach eng Kéier eng Reklamatioun un den Ëmweltminister geschéckt; do krute mir awer nach keng Äntwert, mä et wäert wuel sinn wéi bei sengem Virgänger dem Här Lux, deen sech 2006 d'Iwwerschwemmungsgebitt ukucke komm ass, mä méi ass net geschitt... Mir krute keng Äntwerten op all eis Bréiwer....

Mir sinn an d'Press gaangen, wéi am Mäerz d'lescht Joer eise Schäfferot iwwert de Projet Léiweng hiergefall ass, ma et gehäit een net mat Steng, wann ee selwer am Glashaus sëtzt, wat gëtt dann aneschtes hei um Ban de Gaasperech gemaach, e potentiellt Fiichtgebitt gëtt zerstéiert.

Dann zur Fixerstuff : Wéi schonns gesot waren d'lescht Joer 2 Reuniounen vum Comité de prévention, wou et ënner anerem ëm d'Fixerstuff gaangen ass. Et ass jo esou, datt de Paul Wurth géint Decisioun vum Buergermeeschter reklaméiert huet, esou datt an éischter Instanz de Paul Wurth Recht krut, de Staat an d'Gemeng an Appel gaange sin an an 2. Instanz de Paul Wurth nach eng Kéier Recht krutt, esou dass d'Baugenehmegung réckfälleg ginn ass. Natierlech gëtt elo gesot d'Terrainen géifen dann eben am PAG ëmklasséiert ginn fir ze erméiglechen, datt d'Fixerstuff awer op de Site beim Paul Wurth soll kommen.

Am leschte Comité de prévention si mir du gewuer ginn, datt eng nei provisoresch Struktur op der jëtzege Plaz awer méi zréck vun der Strooss um Terrain opgeriicht soll gi, et soll e Rez-de-chaussée an en 1.Stack ginn, déi den administrativen Deel begräift, an dës Infrastruktur soll am Fréijoer dëst Joer fäerdeg si. An hei nach e puer Chifferen : d'Fixerstuff gëtt vun ongeféier 100.000 Leit am Joer besicht; bis de Juli 2010 haten do 22.000 Leit Drogen konsomméiert, et sinn 65.000 Sprëtzen erakomm a 73.000 Sprëtzen erausgaange.

An deem Comité ass dann och nach ënneranerem iwwert d'Prostitutioun geschwat ginn a mir krute vun der Police Statistiken duergeluecht. Déifstall mat Gewalttätegkeeten geet erop, ebenfalls d'Gewalt géint Persounen, de Vandalismus souwéi déi allgemeng Aggressivitéiten an Gewalttätegkeeten, déi mir jo och hei zu Gaasperech ze spiren kréie. Mir kruten och gesot, datt d'Police domatter rechent, datt déi Privatleit méi Asaz solle beweisen wann aner Persounen ugegraff gi,mä ech mengen jiddereen ass frou wann en an näischt erakënnt, well wann een Zivilcourage beweist, kann dat och mol schif ausgoen.

Mir haten zesummen mat aneren Interesseveräiner, der Usill eis Doléancen eraginn wat d'Ëffnungszäiten vun den Ausschanklokaler ugeet, 17 vun 21 Syndikater hu sech géint eng Ëffnungszäit bis 6 Auer mueres ausgesprach, iwwregens war d'lescht um Radio eng Emissioun, wou gesot ginn ass, datt si bei eisen däitschen Noperen am gaange sinn anzegesinn, datt dat näischt bréngt.

Mir haten am August 2008 gefrot fir eng Vélo'hstatioun an der Géigend vum Rond-point bei der Auer ze kréien a fir datt och op der Cloche d'Or esou Statiounen virgesi géife ginn. Mir hunn do Rappeler gemaach an den 18. Mäerz d'lescht Joer konnten velóH !-Statiounen dunn zu Gaasperech ageweit ginn. Duerfir soe mir der Gemeng villmools Merci.

Zesummen mam Hollerecher Interesseveräin hu mir e Bréif un d'Gemeng adresséiert fir ze froen, datt um Kierfecht zu Hollerech de Pavé op de Weeër soll ausgebessert ginn a fir Parkplazen ze schafen direkt virum Kierfecht. Mir hunn dovunner profitéiert fir och ze froen, datt am Kader vum Réaménagement bei der Kierch zu Hollerech och un Parkplazen geduecht gëtt, well déi Parkplazen op der Hollerecher Plaz jo ëmmer besat sinn. Mir krute doropshin nach keng Äntwert ausser datt d'Aarbechten fir de Pavé ze flécken elo an nächster Zäit missten ugoen.

E neie Problem, deen sech stellt, ass d'Parken vun Déngschtween vun Firmen : mir krute Reklamatiounen vu Leit aus der Beethovenstrooss, datt eng Fondatioun, déi neierdéngs hir Büroen op der Escherstrooss huet, hir Déngschtween an der Plantinstrooss an an der Beethovenstrooss parken, sou dass d'Awunner dës Plazen verléieren géifen. Mir hu Kontakt mat der Responsabel opgeholl, déi eis gesot huet, datt si nëmmen provisoresch an deene Büroen wieren bis hir nei Büroen zu Hamm fäerdeg wieren. Si versteet eise Problem, deen vun hirer Säit en organisatoresche Problem ass, a versiche elo fir eng Léisung ze fannen. Mir ginn an där Saach um Lafenden gehalen.

Mir waren 2009 op den 1ten Assisen vun de Associatiounen vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden, déi vun der Gemeng organiséiert ginn sinn. Mir kruten d'lescht Joer dunn d'Analyse vum Ceps/Instead geschéckt. Hei wëll ech betounen, datt déi Aarbecht, déi an eisem Syndikat gemaach gëtt, nëmmen vu Benevolen gemaach gëtt a nët wéi ugeholl gëtt, vun munchem Matbierger, datt mir e haaptberufflechen Bureau wieren.

Eng Fuerderung vum IVG un d'Gemengenautoritéiten: Vun 2005 un, kritiséiere mir, datt d'Rapporte vun de Sëtzungen, den Analyteschen also, esou spéit erauskommen, ausserdeem hu mir d'Publikatioun vun de Rapporte vun de Commissioune gefrot, do si se jo elo an der Chamber schon méi wäit, mir verlaangen dat déi komplett Publikatioun vum Ordre du jour vum Gemengerot online gesat gëtt. Leider hu mir bis haut keng Satisfaktioun kritt.

Wat d'Stadtteilbeiräte ubelaangt, ass nach ëmmer eng Etude am gaangen an dat schon säit Joren...

Mir begréissen och Dialogfreedegkeet vum Schäfferot, an datt hien de Bierger Dënschdes mueres empfänkt, mir hunn domatter kee Problem, mä mir géifen et begréisse, wann d'Syndikater géifen iwwert déi Problemer, déi am Intérêt général sinn, e Feedback kréiche. Eis Ideologie besteet doranner, datt mir mat de Leit aus dem Quartier schaffen an net géinteneen. Mir sinn eis och bewosst, datt een et net jidderengem ka richteg maache, mä mir versichen e Mëttelwee ze fannen, dat misst jo awer goen.

Demanden vum Interesseveräin, déi schon joerelaang opstinn, sinn : d'Spillplaz an der aler Kolonie, de Spigel am Millewee op der Kräizung Franklinstrooss, en bessere Marquage vum Foussgängersträifen an der Gluckstrooss sou wéi d'Verleeën vum Panneau mat de Firmennimm vun der Beethovenstrooss op d'Escherstrooss. Dann hate mir jo och nach gefrot fir eng Aire de rebroussement ze kréien an der Wagnerstrooss, déi sou gutt fir d'Awunner wichteg wär wéi och fir d'Servicer vun der Gemeng.

Sou, dat war de Rapport vun der Sekretärin. Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Jacquie Lakaff